N°520
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 520 vum 22. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi steet d'Ministesch der Fuerderung géigeniwwer, fir de Bilan 30 fir all Kand obligatoresch ze maachen?*

D'Regierung envisagéiert aktuell net de Bilan 30 fir all Kand obligatoresch ze maachen.

*2. Wéi vill Kanner kënnen all Mount fir e Bilan 30 evaluéiert ginn?*

*3. Wéi vill Kapassitéiten sinn all Mount nach disponibel fir Kanner ze evaluéieren?*

*4. Ëm wéi vill kéinten d'Kapassitéiten kuerz-, mëttel- a laangfristeg ausgebaut ginn, fir nach méi Kanner ze evaluéieren?*

An der Moyenne huet de Service audiophonologique vun der Direktioun vun der santé eng maximal Capacitéit fir 830 individuell Rendez-vousen Bilan 30 pro Mount. De Bilan 30 besteet awer nom éischte Rendez-vous, gegeebenenfalls aus engem reegelméissege Suivi vum Kand a sengen Elteren, respektiv enger orthophonëscher Behandlung bis zur Entrée an de Cycle 1.1., falls néideg.

En Ausbau vun de Capacitéiten ass nëmmen iwwert nei Ressourcen, dat heescht iwwert nei Posten (1,5 ETP fir 10% méi Participatioun) an zousätzlech Raimlechkeete méiglech.

*5. An der Äntwert op eng Fro sot déi deemoleg Ministesch: "Des projets de sensibilisation directe et ciblée des parents et des professionnels de la petite enfance sont actuellement élaborés par le Service audiophonologique. Les orthophonistes de ce service ont développé un module de formation concernant l'évolution normale et pathologique du langage et sa stimulation. Ce module sera proposé aux jeunes parents (sur invitation) et au milieu de l'éducation non-formelle (personnel des crèches et des maisons-relais) au cours de l'année 2022."*

*Goufen dës Projete, wéi an der Äntwert annoncéiert, schonn ëmgesat?*

- *Wa jo, leien hei schonn Analysen iwwert den Erfollëg vun de Projete vir a wat sinn d'Resultater vun dëse Projeten?*
- *Falls nach keng Resultater iwwert den Erfollëg virleien, wéini sollen dës publizéiert ginn?*

Jo, dës Projete goufen ëmgesat. De Service audiophonologique vun der Gesondheetsdirektioun huet en neie Programm entwéckelt, deen "Info-Langage" heescht a wou d'Eltere vun allen neigebuerene Kanner invitéiert ginn op eng Gruppeséance wou 2 Orthophonistinnen iwwert d'Sproochentwécklung, d'Sproochstimulatioun, d'Méisproochegkeet, de Mediekonsum an déi bestoend Ulafstellen zu Lëtzebuerg informéieren. Dës Séance ginn aktuell op lëtzebuergesch a franséisch am 2-Wochen-Takt ugebueden.

Am Joer 2022 huet de Service audiophonologique och de Beräich vun der non-formeller Educatioun (Crèchen, Maisons-relais) an d'Pediateren per Post iwwert d'Méiglechkeet vun enger Sensibilisatioun am Beräich Sproochentwécklung a Mediekonsum informéiert.

D'Analyse vun de Projete gëtt all Joer am Kader vum järlechen Aktivitéitsbericht vun der Gesondheetsdirektioun realiséiert a publizéiert. Et gouf festgestallt dass d'Participatioun bei den Elteren sech op 5% vun den ugeschriwwenen Eltere beleeft an dass zanter 2022, 4 Crèchë vun den ugebuedene Formatioune profitéiert hunn.

*6. Wéi laang sinn an der Moyenne d'Waardezäiten, fir ee Rendez-vous fir de Bilan 30 ze kréien?*

Aktuell läit d'Waardezäit bei 2-3 Méint no der Echeance vun den 30 Méint.

Fir weider Info'en: Dépistage des troubles du langage (Bilan 30) - Portail Santé - Luxembourg

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez